N°8226
Entrée le 10.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz, Landwirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Obwuel Päerdsfleech sech hautdesdaags manner Beléiftheet erfreet, ass et a villen traditionellen Kichen nach ee Bestanddeel vum Menü, sief et als Biftek, a Form vu Wurscht, Roulade oder Sauerbraten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Tonne Päerdsfleesch ginn all Joer op Lëtzebuerg importéiert? Wat sinn déi 3 Haaptimportlänner?
2. A wat fir Länner sinn dës Päerd opgewues?
3. Wéi vill Päerd ginn all Joers hei am Land geschluecht? Wéi ginn d'Schluechtungen hei kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 8226 vum 10. August 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen**

**1. Wéi vill Tonne Päerdsfleesch ginn all Joer op Lëtzebuerg importéiert? Wat sinn déi 3 Haaptimportlänner?**

Wat den Import vu Päerdsfleesch aus den EU-Länner betrëfft, huet de Landwirtschaftsministère keng Zuelen, vu dass hei de Prinzip vun der „Libre circulation des marchandises" besteet, an also och keng Kontrollen op de Grenze sinn.

Déi eenzeg Zuelen iwwert déi de Ministère verfüügt sinn d'Direktimporter aus Drëttlänner, déi iwwer Lëtzebuerg an d'EU komme via eise Cargozenter an och do vun de Beamte vun der Lëtzebuerger Veterinär- a Liewesmëttelverwaltung (ALVA) kontrolléiert ginn.

No dëse Kontrolle kann dat Fleesch fräi an der EU zirkuléieren.

Mir importéieren zimmlech all Woch Päerdsfleesch aus Kanada.

D'Zuele vum Päerdsfleesch, déi op eise „Poste de contrôle frontalier" déi lescht 3 Joer kontrolléiert goufen:

- 2020 : 1 136 589.23 kg
- 2021 : 721 863.25 kg
- 2022 : 191 235.71 kg

All dat Fleesch ass vum Cargozenter direkt a Betriber a Frankräich an an der Schwäiz transportéiert ginn.

De Konsumenteschutzministère ass de Moment amgaang ze analyséieren, wéi een en Observatoire de la consommation op d'Been kéint stëllen. D'Ëmsetze vun sou engem Observatoire géif et erlabe fir méi Zuelematerial, souwuel quantitiv wéi och qualitativ, am Konsumberäich ze kréien.

**2. A wat fir Länner sinn dës Päerd opgewuess?**

Dat Fleesch aus Kanada kënnt vu Päerd aus Kanada an aus den USA.

**3. Wéi vill Päerd ginn all Joer hei am Land geschluecht? Wéi ginn d'Schluechtungen hei kontrolléiert?**

D'Statistike vun deene leschte 6 Joer, déi och am Rapport annuell vum Ministère publizéiert sinn:

- 2017 : 14
- 2018 : 15
- 2019 : 4
- 2020 : 10
- 2021 : 2
- 2022 : 1

Dës Schluechtunge gi wéi all d'Schluechtunge vun aner Déieren an eise Schluechthaiser vun de Veterinäre vun der Lëtzbuerger Veterinär- a Liewesmëttelverwaltung systematesch kontrolléiert.

Lëtzebuerg, den 8. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,
(s.) Claude HAAGEN